



## **Conférence d'inauguration des Journées eHandwierk 2016**

### **Allocution de Monsieur Roland KUHN, Président de la Chambre des Métiers**

Luxembourg, le 30 mai 2016



Dir Damen an dir Hären,

Ech sinn frou iech haut alleguer hei zu dëser Eröffnungskonferenz vun den journées eHandwerk 2016 begrüessen ze kënnen.

Ganz besonnesch wëll ech eisen Premierminister den Xavier Bettel deen och Minister fir Kommunikatioun an Medien ass, bei eis wëllkomm heeschen an Merci soen dass hien eis journées duerch seng Präsenz hei ënnerstëtzt.

Desweideren begrüessen ech och ganz häerzlech den Här Christoph Krause vun der Handwierkerkammer Koblenz deen eis lo gläich eng Presentatioun wäert maan iwwert d'Chancen vum Handwerk 4.0 an eis awer och en Abléck wäert ginn an d'Approche vun dem däitschen Wirtschaftsminister wéi si sech ugeluecht hunn fir d'Digitalisatioun ze begleeden.

Doriwwer eraus heeschen ech och déi verschidden Representanten vun eisen Partenairen an dëser Initiative wëllkomm, et sin dat: d'Luxinnovation, de Ministère de l'Economie, d'Fédération des Artisans, d'Digital Lëtzebuerg an awer och den Här Vincent Lekens vun der Fédération des Intégrateurs, deen eis herno nach en puer Wuert wäert soen.

Dir Damen an dir Hären,

Läscht Joer sinn Journées ehandwerk organiséiert ginn zum Thema Cloud Computing an mir haten während 2 Deeg en groussen Succès matt iwwer 100 Betriber déi sech hei am Haus informéiert hunn. Dëst Joer stinn d'journées eHandwerk ënnert dem Thema vun deene verschiddensten Méiglechkeeten déi Digitalisatioun dem Handwerk kann op maan.

Fir dass eis Betriber sech och konkret iwwert d'Ëmsetzungen an der Praxis vun dëse onendleche Méiglechkeeten kënnen iwwerzeegen loossen, hunn mer zu all Sujet och ëmmer en Patron deen hei iwwert seng Erfahrung

kann berichten an de Betriber kann Äntwerten ginn iwwert  
Erausforderung bei der konkreter Ëmsetzung. Ech wëll dës Leit hei e  
ganz besonnenesche Merci soen fir hiren Engagement vir hei an deem  
Kontext während 2 Deeg d'nächst Woch derbäi ze sinn.

D'Digitalisatioun ass net méi nei an d'Handwerk ewéi och déi aner  
Sectoren vun eiser Wirtschaft sinn um gudde Wee fir an déi nei Welt  
eranzewuessen. Eis Betriber sinn dynamesch, se informéieren sech, se  
aktualiséieren an moderniséieren sech kontinuierlech fir weiderhin als  
wichtigen Motor vun eiser Wirtschaft präsent ze sinn an och  
Aarbechtsplazen ze schaffen.

D'Chancen déi d'Digitalisatioun hinne bidd, sinn onendlech. Se betrëfft den  
Management, se schafft nei Businessmodeller, se erméiglecht eng nei  
Aarbechtsorganisatioun, et entsteet eng nei Betribskultur, se changéiert  
d'Approche Client an den Marketing, et entstinn nei Marchéen wou nei  
Berufsprofiler gebraucht ginn asw.

Dës nei (virtuell/digital) Welt bréngt natierlech och nei Erausforderungen,  
se brauch Upassungen un déi reell Welt an dës muss hirersäits préparéiert  
ginn ob déi digital Erausforderungen.

Eis Betriber déi sech duerch hir grouss Diversitéit sief dat um Niveau vun  
hire Strukturen, an vun hire Produiten an Servicer auszeechnen, sinn um  
gudde Wee fir Fouss ze faassen ma se fueren matt ganz verschidden  
Vitessen. Fir des Evolutioun ze ënnerstëtzen oder an de richtege Bannen ze  
behalen, wäert et gutt en puer Schinnen ze hunn.

Eng 1. Schinn betrëfft selbstverständlech déi vun den Infrastrukturen fir  
Digitalisatioun ob héijem Niveau fir jiddwereen zougänglech ze maan an  
der Sécherheet vun den Donnéeën. D'Regierung huet jo an deem Kontext  
schonn eng Rei Mesuren geholl déi mir begréissen an méi konkret ob  
d'Handwerk gekuckt ass CASES ganz aktuell am Gaang zesummen matt

de Betriber en neie Programm fir en Sëcherheidsdiagnostic fir kleng a Mëttelbetriber ze entwéckelen wou mir och matt derbäi sinn.

Eng 2. Schinn gesinn mir um Niveau vun der Formatioun. D'Handwerk ass dynamesch an schaaft kontinuëierlech nei Aarbechtsplazen ma dës Plazen wäerten net méi déi selwecht sinn, et wäerten nei Beruffer entstoën matt neien Ufuerderungen souwuel an der Realisatioun vun de Produkter wéi an der Promotioun vun dësen oder och an der Vernetzung vun den verschiddensten Donnéeën am Betrib. An deem Sënn muss souwuel Basisausbildung wéi och Formatioun continue nei Méiglechkeeten schaffen souwuel wat den Inhalt vun dem Léierprogramm wéi och d'Méiglechkeeten fir et ze léieren betrëfft.

Duerch Digitalisatioun entstinn aner Businessmodeller ma awer och nei Formulen vun Aarbechtszäiten an Regelungen. An de Gespréicher matt eisen Betriber ass ëmmer nees gesot ginn dass d'Adaptatioun um Niveau vun der Digitalisatioun oft am Moment vum Generatiounswiessel am Betrib entsteet. Dës Generatioun filtert sech ganz spontan Virdeeler vun der Digitalisatioun an passt se un.

De Patron an och d'Salariéen kréien Méiglechkeet fir méi flexibel ze schaffen souwuel méi ugepasst ob Besoin vum Betrib wéi och ob Besoin vun hirem Privatliwen. Och hei misst dëse Prozess guidéiert ginn fir dës Opportunitéiten net ze verhënneren ma au contraire ze cadréieren fir dass jiddereen korrekt kann dovun profitéieren.

Eng weider Schinn gesinn mer um Niveau vun der Sensibilisatioun an der Informatioun. Während déi eng Strukturen dës net brauchen hunn mir awer och Betriber déi Zäit an Moyen einfach net hunn fir sech matt dem Sujet auseneen ze setzen. Doriwwer eraus passen ob déi verschidden Strukturen och verschidden digital Léisungen.

An den journées eHandwerk weisen mer dofir eng ganz Rei vun

Uwendungen an bidden en Maximum vun Informatioun fir dass all eis  
Betriber ob dëse Wee kommen. Den neie Programm „Fit fir digital“ deem  
vun Luxinnovatioun entwéckelt ginn ass soll hei gräifen an mir hoffen dass  
deem sou séier wéi méiglech operationell gëtt fir eben och do kënnen de  
Betriber eng efficace Ënnerstëtzung ze bidden.

Dir Dammen an dir Hären,

Ech incitéieren wierklech all Betrib fir vun der Geleeënheet vun de journées  
eHandwerk ze profitéieren an sech ze informéieren ob dat um Niveau vum  
Digital Branding, Social Media, Business Information Modelling, internet of  
things asw ass an esou matt der richteger Vitesse weider ze fueren.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren an ginn dann d'Wuert un eise  
Premierminister den Här Xavier Bettel.